

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.


De *coding* gouf am September 2020 am 4. Zyklus vum Enseignement fondamental agefouert. Fir d'Rentrée am September dëst Joer gëtt dat neit Fach op déi aner Zyklen vum Fondamental ausgedeeent.

Den 18. Mee 2021 huet de Schoulminister dat neit Unterrechtsfach *Digital sciences* virgestallt, dat an den ënneschte Klasse vum Secondaire classique a général agefouert wäert ginn. 18 Lycéeën gi mam "gudde Beispill" vir an enseigner dëst Fach op 7^e vun der nächster Rentrée am September un. Bis 2024/25 soll dëst Fach an alle Lycéeën vum Land op 7^e, 6^e, 5^e an op de Virbereedungsklassen enseignéiert ginn.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

- 1) Wann een neit Fach an der Schoul agefouert gëtt, da geet dat zwangsleefeg op Käschte vun engem anere Fach an/oder aneren Inhalter, well d'Unterrechtsstoune jo begrenzt sinn. Op Käschte vu wéi enge Fächer an/oder Inhalter geet an der Primärschoul d'Aféiere vum *coding*?
- 2) Op Käschte vu wéi enge Fächer an/oder Inhalter geet an den Lycéeën d'Aféiere vum Fach *Digital sciences*?
- 3) Ginn d'Lycéeën vum Ministär gezwongen, fir vun 2024 un den *Digital-sciences*-Unterrecht anzeféieren?
- 4) De Ministär deelt mat: "*Afin de lutter contre les inégalités qui persistent en matière d'accès au digital, le même cours sera dispensé dans les deux ordres d'enseignement - classique et général.*" Et ginn deelweis ganz grouss Leeschtungsënnerscheeder tëscht Classique a Général. Wëll de Ministär sech an dësem Zesammenhank, wat den Niveau ugeet, éischer a Richtung Classique oder Général beweegen?
- 5) Ass den Här Minister der Meenung, dass een "Ongläichheeten" domat bekämpfe kann a soll, dass een den Niveau vun deene méi performante Schüler erofschrauft?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4381 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Am Enseignement fondamental gouf effektiv d'Kodéieren am Cycle 4 bei der Rentrée 2020/21 agefouert. Well d'Kodéieren hei am Kader vum Mathematikunterrecht gemaach gëtt, fält näischt ewech, mee et handelt sech éischter ëm eng alternativ Approche, fir problemléisend Denken ze fërderen, ëmsou méi wéi déi mathematesch Kompetenzen sech staark mat deene vum informatéschen Denken, dem *Computational Thinking*, iwwerschneiden.

An de Cyclen 1 bis 3 wäert d'Kodéiere vun der Rentrée 2021/22 un transversal agebaut ginn. D'Kodéiere geet dobäi net op Käschte vun anere Fächer, mee gëtt innerhalv vun den anere Fächer als eng Method genotzt, fir Kompetenzen ze vermëttelen an ze stäerken. Déi Method fërdert eng Denkweis, fir u Problemer erunzegen an se ze analyséieren: eng Denkweis, déi iwwer all Fächer ewech an och am Liewensalldag hir Wichtigkeet huet.

Op www.educoding.lu fënnt ee méi Detailler zum Konzept an och eng kleng Dokumentatioun, déi weist, wéi Kodéiere ka sënnvoll agesat ginn, unni datt aner Fächer méi kuerz géife kommen.

Ad 2)

Am Enseignement secondaire ass d'Situatioun eng aner, hei gëtt en neit Fach *Digital Sciences* agefouert. Dëst Fach huet eng Stonn d'Woch; d'Schoule kréien awer d'Fräiheet, selwer ze entscheeden, wéi se dëst an de Stonneplang abauen, souwuel wat d'Rhythmiséierung ugeet (also ob d'Schüler all Woch eng Stonn hunn oder zum Beispill all zweet Woch eng Duebelstonn), wéi och wat d'Plaz am Stonneplang ugeet (also wat amplaz vun *Digital Sciences* ewechfällt). Am Laf vun de Virbereedungsarbechten a virun allem och während de Gespréicher mat den 18 Lycéesdirektiounen, déi sech bereet erkläert hunn, an der Pilotphas matzemaachen, gouf kloer, datt d'Lycéeën haut scho ganz staark Gebrauch maache vun hirer Autonomie an d'Grilles horaires schonn op déi jeeuweileg Schülerpopulatioun zougeschnidden ass, esou datt et kontraproduktiv gewiescht wier, ee bestëmmtent Fach virzeginn, wat eng Stonn manner hätt. An der Praxis hu verschidde Schoulen am Enseignement secondaire classique (ESC) sech dozou decidéiert, d'Lëtzebuergeschstonn, déi jo op 4^e transferéiert gëtt, dofir ze huelen, aner Schoulen hunn haut schonns e Cours zur Digitaliséierung a passen dee just un déi nei Bedéngungen un, anerer huele jeeeweils eng hallef Stonn vun zwee Fächer.

Ad 3)

Dat neit Fach gëtt vun der Rentrée 2021/22 un als Pilotprojet op der 7^e an 18 Lycéeën agefouert. Dat Joer duerno gëtt et landeswäit op alle Klasse vu 7^e agefouert, während déi 18 Pilotlycéeën dann op 6^e weiderfueren. Bis 2024/25 wäerten dann an alle Lycéeën op de Klasse vu 7^e bis 5^e *Digital Sciences*-Coursë lafen.

Ad 4)

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend huet fir dat Fach Unterrechtmaterial virgesinn, dat esouwuel de Schülerinnen a Schüler am Enseignement secondaire général (ESG) wéi och deenen am ESC entsprécht; dëst Material gouf vun Enseignanten ausgeschafft, déi an deenen zwee Ordren enseignéieren. Dat néidegt Differenzéierungsmaterial ass virgesinn, sou datt de Bou wäert kënnen

geschloe gi vum ESC an den ESG. Et geet drëm, all Jonker fit ze maache fir eng digital Welt, an där se souwuel Consommateur wéi och Auteur an Acteur wäerte sinn. An et gëllt, se all an der Entwécklung vun enger digitaler Identitéit ze ënnerstëtzen, fir datt se d'Chancë vun der Digitaliséierung kënnen notzen an d'Geforen erkennen a wëssen, domat ëmzegoen.

Ad 5)

Neen, ech sinn net där Meenung.